NATIONAL - ACCUEIL VUN DE REFUGIÉEËN AUS DER UKRAIN

# Koordinatioun ass absolut wichteg, sou de Syvicol

Vu(m) Lynn Cruchten (Tëlee) | Update: 16.03.2022 20:29

### Accueil vun de Refugiéeën aus der Ukrain

*Koordinatioun ass absolut wichteg, sou de Syvicol*


**Den Emile Eicher proposéiert och, d'Prozeduren ze vereinfachen, fir potentiell Strukturen séier prett ze maachen, fir Leit z'empfänken.**

"De Moment ass eng Koordinatioun absolut wichteg", dat seet de President vum Gemengesyndicat Syvicol am Kontext vum Accueil vun de Refugiéeën aus der Ukrain. Den Emile Eicher proposéiert och, d'Prozeduren ze vereinfachen, fir potentiell Strukture séier prett ze maachen, fir Leit z'empfänken. D'Gemenge géifen och op verschidde Manéieren hëllefen. Sou zum Beispill d'Gemeng Mamer, déi Motelszëmmere fir Flüchtlinge gelount huet.

1/11




© Didier Weber



*Les photos diffusées sur ce site sont soumises à des droits d'auteurs et ne peuvent être copiées, modifiées, vendues, sans l'autorisation préalable du propriétaire du site en question.*

D'Krichsflüchtlingen aus der Ukrain kréien an der EU direkt de Statut vun engem Demandeur de protection internationale a se sinn och sozial veréchert. Dat vereinfacht scho villes beim Accueil. Ma et wier wichteg, dass och de Suivi garantéiert ass an hei wier de Staat gefuerdert.

Et wier wichteg, d'Hëllefsorganisatiounen, déi Erfarung mat Flüchtlingsaarbecht hunn, anzebannen. D'Gemengen hëllefen, wou se kënnen. Zu Capelle goufe beispillsweis Motelszëmmere gelount an deenen elo scho méi wéi 20 ukrainesch Refugiéeën ënnerkomm sinn.

Déi Solidaritéit kascht d'Gemeng tëscht 15-20.000€ de Mount. Dat Ganzt ass elo emol bis Juni virgesinn, mat der Optioun verlängeren ze kënnen. D'Flüchtlingen hei am Motel kréie via de Staat och 3 Mol den Dag gratis z'iessen a gi vu Mataarbechter vu Lëtzebuerger Hëllefsorganisatioune betreit.

Iwwert de SICA kënnen d'Refugiéeën iwwerdeems Kleeder a Spillsaache kréien. Leit, déi Flüchtlinge bei sech doheem opgeholl hunn, kënne sech beim SICA mellen an de Besoin matdeelen. Dëst iwwert d'Mail-Adress info@sica.lu oder via Telefon 30 78 381. Zu Kielen krut de regionalen Offallsyndicat eng Hal zur Verfügung gestallt an där zënter Ugangs der leschter Woch alles triéiert gëtt.

Et hätt ee sech bewosst dogéint entscheet, Hëllefsgidder un d'ukrainesch Grenz ze féieren. Et wier een a Kontakt mat den Offices sociauxen, fir d'Saache geziilt hei am Land un d'Flüchtlingen ze verdeelen.